PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/11/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten & Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

Kaméidi beanträchtegt d'Liewensqualitéit a kann op Dauer krank maachen, wat vill Etüden aus de leschten Jorzéngten beleeën.

Am Code la Route ass an den Artikelen 25 a 25bis virgeschriwwen, dass fir all Stroossegefierer, jee no Kategorie, eng Limitt gëllt fir d'Dezibel, déi se dierfe produzéieren. Europawäit gëllen duerch d'EU-Reglement n°540/2014 ähnlech Reegelen, soudass u sech kee Gefier, dat zu Lëtzebuerg zirkuléiert, ze vill Kaméidi dierf maachen.

Et kënnt awer alt vir, dass verschidde Stroossegefierer, ob Autoen, Motoen, Busser oder Camionen, opfälleg haart ënnerwee sinn an immens vill Kaméidi maachen, wat fir d'Awunner zimmlech lästeg ka sinn, grad wa se nieft den Haaptachsen wunnen. Am nationalen Aktiounsplang géint de Kaméidi si keng weider Moossnamen virgesinn, déi d'Gefierer selwer betreffen, mee am Plang konzentréiert een sech éischter op d'Stroosseninfrastrukturen. Et sinn awer virun allem déi Gefierer, déi opfälleg haart an den Dierfer ënnerwee sinn, déi zur Lärmbelästegung bäidroen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi gëtt de Kaméidi, deen déi verschidde Stroossegefierer hei am Land a virun allem innerorts produzéieren, gemooss?

2. Wéi oft gouf an de leschten zwee Joren géint d'Artikelen 25, 25bis an 160 vum Code de la Route verstouss?

3. Wéi eng technesch Equippementer benotzt d'Police, fir de Kaméidi vu Stroossegefierer ze kontrolléieren, a wéi oft gi Kontrollen vum Kaméidi am Joer vun der Police duerchgefouert?

4. Et kënnt vir, dass Persounen, nodeems hiert Gefier de Controle Technique mat Bravour bestanen huet, Ännerungen um Gefier duerchféieren, soudass d'Gefier méi Kaméidi mécht wéi zougelooss ass, zum Beispill, andeems d'Drossel erofgeholl gëtt. Dës Ännerunge ginn da kuerz virum nächste Contrôle technique erëm réckgängeg gemaach, fir wärend der Kontroll konform ze sinn.

Wéi eng weider Kontrolle ginn, ausserhalb vum Contrôle technique vum Gefier, hei am Land duerchgefouert, fir Verstéiss géint Kaméidisbegrenzungen festzestellen? Falls keng Kontrollen heizou gemaach ginn, wourunner läit dat?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten